



EISEN NEWSMAG

N° 247 | FÉVRIER 2019
BULLETIN BILINGUE



GEMENG
SCHËFFLENG

INDEX

Virwuert vum Buergermeeschter | Le mot du maire 06

RETROSPEKTIVE | RÉTROSPECTIVE 08

Neijoersried vum Här Buergermeeschter 08

PASO à la nouvelle galerie d'art 09

Zu Fouss an d'Schoul 11

40 Joer ASPELS 11

Vill Spass am Schnéi 12

Neien Dirigent fir d'Schëfflenger Musek 12

Gesond lessen - Méi beweegen 13

11.000 Bierger 13

NEUHEITEN | NOUVEAUTÉS 14

Télévie 14

Molconcours fir den neien Schoulbus 16

Nightrider 16

Appel aux citoyens (Commission d'archivage et Commission des jeunes) 21

Appel aux élections européennes 23

Neie Matarbechter 24

Centre de recyclage SIVEC 25

YOUTH MAG

Kolonien SNJ

Schëfflenger Jugendhaus

Traversée 2019

Carte jeunes

Vakanzenjobs | Jobs vacances

SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL | Français 26

POLITISCHE PARTEIEN | PARTIS POLITIQUES 30

Déi Gréng 30

LSAP 31

DP 32

CSV 33

QUESTIONNAIRE 34

Är Meenung zielt! | Votre Opinon compte! 34

Administration Communale de Schiffflange | Éditeur responsable

Service Relations publiques | Rédaction

Relations publiques | Tom Di Maggio | Christian Mille | Images et Illustrations

F'Créations | Layout, Conception

Février 2019 | Heintz | Impression

4.800 exemplaires | Tirage



Awunner / habitants 11.155	
Gesamtfläch / superficie 771 Ha	
Personal / personnel Total: 234	
Fraen / femmes 127	
Männer / hommes 107	





CHERS CONCITOYENS, CHÈRES CONCITOYENNES,

L'année 2019 n'en est qu'à ces premières semaines que la Commune de Schiffflange peut déjà se prévaloir d'une activité débordante. En tant que centre de promesses pour **l'action Télévie 2019**, c'est toute la commune qui a et aura l'occasion de prouver l'entrain que nos forces vives ont à soutenir cette action. C'est avec insistance que je tiens à remercier les associations locales sans lesquelles une telle initiative serait tout simplement irréalisable. Comme je n'ai de cesse de le répéter, une commune sans ses associations est une commune morte et nous pouvons être fiers de l'image dynamique que nous véhiculons.

Sur le plan culturel, les cimaises de la nouvelle galerie d'art mettent en valeur les tableaux de **l'artiste PASO** natif de notre Ville jumelée Drusenheim en Alsace; artiste des plus prolifique et à la renommée internationale. Grâce à notre jumelage avec la Ville de Drusenheim, nous avons pu nouer le contact et c'est avec grand plaisir que nous accueillons PASO dans notre espace culturel. Je vous invite tous à profiter de cette exposition qui revêt un caractère exceptionnel.

Les préfaces se suivent et dans une commune en plein **renouveau urbanistique** comme Schiffflange, le thème des chantiers est récurrent. J'en profiterai ici pour mettre en avant le projet d'aménagement de l'embranchement rue de Drusenheim – rue de la Libération qui verra émerger un espace vert. Ceci permettra d'ajouter un cadre verdoyant au centre de notre commune ce qui adoucira visuellement cet axe principal. Non loin de là, la construction d'un bâtiment administratif pourra abriter des bureaux et/ou d'autres activités commerciales et de ce fait redynamiser le cœur de notre commune.

Le concept des «**jardins éphémères**» sera réalisé sur le parvis de la maison communale et ceci contribuera, j'en suis convaincu, à favoriser un esprit de convivialité; cette convivialité indispensable au bon fonctionnement de la vie en communauté au sens large. Toutes les belles paroles, tous les concours d'éloquence sur le vivre ensemble ne servent à rien si nous ne nous donnons pas les moyens de mettre en place un cadre favorisant ces échanges. C'est par le biais des projets plus ou moins grand que nous arrivons à faire de notre commune un endroit doté d'une qualité de vie en croissance permanente.

Le projet de réaménagement de la rue de Hédange sera un **projet pilote** qui préfigurera l'idée urbanistique qui s'imposera naturellement dans Schiffflange. Une rue devient principalement agréable à vivre si sa conception le lui permet. Place sera faite à la mobilité douce et l'intégration au réseau urbain permettra un accès au centre-ville facilité.

L'hiver a désormais pris ses marques et après les résolutions de fin d'année, il est facile d'oublier involontairement les personnes sans domiciles touchées par le froid. Alors que les activités du Télévie prendront une place majeure dans le calendrier des trois prochains mois, je vous invite à ne pas perdre de vue qu'une société n'est agréable à vivre que si solidarité et respect mutuel en font partie intégrante.

Paul WEIMERSKIRCH
Bourgmestre

LÉIF MATBIERGER, LÉIF MATBIERGERINNEN,

Dat neit Joer 2019 leeft op vollen Touren. Vill Aarbecht steet virun der Dier. An eng ganz Rei vu flotten Aktivitéite stinn um Ordre du jour.

D'Aktioun Télévie fënnt eng grouss Zoustëmmung bei de Veräiner a bei de Schëfflenger Leit. Mat Engagement a Dévouement gëtt duerch vill kleng a grouss Initiativen Dag fir Dag um Succès fir den Télévie, fir d'Kriibsfuerschung, fir Solidaritéit geschafft. Elo schonns allen Intresséierten an Initiateuren e grouse Merci fir den Asaz. E weidere Beweis, datt eng lieweg a convivial Gemeng nëmmen da funktionnéiert, wann se op engagéiert Veräiner, ob Fräizäit, Kultur oder Sport an op volontaire Matbierger, déi ouni Ophiewes a Gedeessens do si fir anerer, ziele kann.

Um kulturelle Plang ass mat der Ouverture vun der Galerie d'Art „dem Schëfflenger Konschthaus“ e neie Pilier fir eis kommunal Kulturpolitik geluecht ginn. Mat der Expositioun vum PASO, gebuer an eiser Partnerstad Drusenheim, an engem eben international renomméierten Artist hu mir d'Chance eng Ausstellung mat Profil a Qualitéit op héchstem Niveau ze presentéieren. Eng kuckenswäert Ausstellung, loosst lech se net entgoen.

Et ass onverkennbar, datt eis Gemeng Schëffleng sech verännert. Och urbanisteschesch. Déi nei Entrée an de centre-ville ass quasi fäerdeg. Et bleiwen nach vill kleng Schwaachstellen ze behiewen, dat esou bal de Chantier vun der CFL ofgeschloss ass. Envisagéiert ass hei Abrëll – Mee 2019.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, den Eck Libération-, Drusenheim- a Gare-Strooss mat engem flotte Park, mat Grénganlagen ze verschéieren. An um ënneschten Deel sollen nei Lokalitéite fir Gemengebüroer gebaut ginn.

Och eis Plaz virun der Gemeng soll an de Fréijoers- a Summerméint en neie Cachet kréien. Hei ass e Jardin

éphémère geplangt. Mir wëllen eis Fräiheitsplaz zu enger „Place de rencontre“ ëmänneren.

lwwerhaapt sollen eis Stroossen a Citée méi gréng, méi convivial, méi attraktiv a méi verkéierssécher ginn. E Pilot-projet, fir e Reamenagement an eng nei urbanisteschesch Dispositioun, soll an der Héidengerstrooss Richtung rue du Stade ugeduecht ginn. Ziel ass eng Verkéiersberouegung, manner Kaméidi, méi Gréngs, méi Liewes- a Wunnqualitéit. Dëst alles si Resultater an éischt Konklusiounen aus de Masterplangdiskussiounen.

Eng lieweg an attraktiv Gemeng. Eng Gemeng, wou jidder Einzelnen zielt. Eng Gemeng, wou Hëllefsbereitschaft a Matenee grouss geschriwwen ginn. Den Télévie ass e Beispill, allerdéngs och eis Aktiounen vu Schëffleng Hëllef an eisen Asaz fir Fairen Handel sinn en Zeeche vu Solidaritéit.

Paul WEIMERSKIRCH
Buergermeeschter





NEIJOERSRIED VUM BUERGERMEESCHTER

A senger Neijoersried bedankt sech den Buergermeeschter Paul Weimerskirch bei allen Mataarbechter vun der Gemeng, Kollegen a Frënn aus dem Gemengen- a Schäfferot.

Hei déi wichtegst Auszich aus dem Paul Weimerskirch senger Usproch:

„2018 ass Geschicht. De Bléck ass elo op 2019 fokus-séiert, allerdéngs och nach op dat Vergaangent, op dat wat geschitt ass, wat eis gelongen ass, op dat wat mer vläicht versäumt hunn, wat net gutt gelaf ass ...

De Bléck ass vrun allem oder trotzdem op d'Zukunft gerichtet.

2018 – e Joer, wou villes un d'Rulle bruecht ginn ass.

Jo, vill Leit liewe gären hei zu Schëffleng!

E Bléck no bannen seet eis awer och: net alles ass richtig gelaf, awer och net alles falsch. Villes muss nach besser ginn. Mir schaffen zesummen drun, och wann ech behaapten dierf, dat Villes an déi richtig Richtung leeft.

Datt dat esou ass ... ass Äre Verdéngscht!

Datt dat esou bleift ... ass duerch Äre feste Wëllen, och weiderhi mat ze schaffe fir eiser Gemeng, eise Matbierger, eise Kanner eng Zukunft ze schenken.

Eng Zukunft mat neie Perspektiven, mat neie Chancen, ... wuel wëssend, dass eis Welt, jo eis kleng Communautéit Schëffleng sech verännert, sech wandelt ...

Merci, dass Dir lech egal, wou Dir Responsabilitéit drot, egal, wat Äre Aarbecht ass, egal wat lech beweegt mat an dëse Prozess era klammt.

Mir brauchen Ären engagierten Optimismus, mir brauchen Äre Freed un der Aarbecht ... fir dëse Wandel, dës Change-menter als Chance ze begräifen.

Merci dofir ... an ech freeë mech op dat Neit Joer. E Neit Joer, wou och den een oder anere Change-ment – personal-méisseg, awer och administrativ technesch usteet.

Am Joer 2019 plangen mir folgend Projeten emsetzen:

- De Masterplang ass a senger finaler Phase
- Nei Raimlechkeete fir eisen Atelier an eis Gemeng, déi aus allen Néit platzt stinn un
- Den Ëmbau Haus a Kassen gëtt geplangt
- Den Neibau vum Boulodrome an Déierenasyl geet weider
- Den neien Accès centre-ville, mat neier Gare, Vélo-piste, Mur Antibruit sinn um Punkt bis Mëtt 2019 nach méi Konturen ze hunn
- Den Nei- an Ëmbau vun de Schoulen gëtt realiséiert
- D'Dezentraliséierung vun der Maison Relais steet um Ordre du jour

D'Joer 2019 gëtt also e Joer mat vill Beweegung fir zesummen eiser Gemeng nei Perspektiven ze schenken.

Vun Häerzen lech an Äre Familljen a Frënn e gutt, zefrid-dent a friddlecht Joer 2019 mat Succès, privatem Gléck a Gesondheet.”



Historique des locaux: La maison «Claus'en Haf» a été construite en 1837. Jean Claus était bourgmestre de la Commune de Schiffange de 1917 à 1925 et habitait en cette maison. La famille Claus-Schintgen y habitait dès lors jusqu'en 1945. Par la suite, Josy Colling était le nouveau locataire et y menait un commerce de charbons. En 1986 M. Jean Feitler a acheté la maison de la famille Claus-Schintgen et renouvait entièrement le site. Jusqu'en 2017 M. Feitler y exploitait son commerce «Carrelages Jean Feitler».

Informations fournies par M. Jean Feitler

INAUGURATION DE LA NOUVELLE GALERIE D'ART «SCHËFFLENGER KONSCHTHAUS»

En date du 24 janvier 2019, la nouvelle Galerie d'Art «Schëfflenger Konschthaus» de la Commune de Schiffange a été officiellement inaugurée. En présence de nombreuses personnalités du monde politique, culturel et artistique, le bourgmestre Paul Weimerskirch a donné accès à un nouveau monde d'exposition flambant neuf à Schiffange.

Après une 1^{re} exposition par l'artiste-peintre PASO, natif de Drusenheim, la gestion de la nouvelle Galerie d'Art sera garantie par le Syndicat d'Initiative et de Tourisme de Schiffange. Ces locaux, sis à 2 avenue de la Libération (ancienne société Feitler), sont en possession de Monsieur Jean Feitler et mis à disposition de la commune, respectivement du Syndicat d'Initiative par le biais d'un contrat de bail.

Cet ancien dépôt de stockage de l'entreprise «Carrelages Jean Feitler» contient une surface d'exposition de plus ou

moins 210 m², répartie sur deux étages et contenant un espace bureau, un WC ainsi qu'une grange aménagée.

A cette occasion, Monsieur Jacky Keller, maire de la Ville de Drusenheim accompagné de l'artiste PASO et d'une délégation de la Ville jumelée de Drusenheim se sont déplacés à Schiffange, afin d'assister à cet événement festif dans le cadre d'un vernissage de l'artiste-peintre PASO.

Lors de son allocution Paul Weimerskirch souligna «l'amitié durable et inébranlable» entre ces deux Villes jumelées et que l'année 1970 marqua le coup de sifflet de celle-ci en signant le contrat de jumelage officiel. Il exprima de plus, sa fascination par rapport aux œuvres d'art présentées par cet artiste hors de pair et qu'en quelque sorte la Commune de Schiffange n'est pas seulement un fier partenaire de la Ville de Drusenheim, mais également de son artiste PASO.



QUI EST PASO?

PASO est un enfant de Drusenheim, où en 1935 il naît ... artiste: «Ma mère disait qu'avant même de marcher, je dessinais.» A 14 ans il entre dans l'Ecole des arts décoratifs de Strasbourg. Il débute sa vie professionnelle dans les arts appliqués, fondant une entreprise qui prospère, «mais je n'aimais pas véritablement ce que je faisais ...»

En 1985, après un voyage en Chine, il décide, à cinquante ans, de se consacrer exclusivement à sa passion: «Ma nouvelle vie, c'était de peindre ... Pour peindre, il faut que toute la vie tourne autour ...»

Dessinateur virtuose- ses œuvres de jeunesse en témoignent-, il crée un art à la frontière de l'abstraction et de la figuration, accordant la primauté au mouvement et à la couleur.

La renommée de PASO est devenue internationale. Il a exposé dans le monde entier, en particulier aux Etats-Unis et à Hong-Kong, et dans plusieurs pays européens, spécialement en Allemagne. Ses œuvres sont présentes dans nombre de musées et de collections publiques, comme la Sammlung Ludwig à Aix-la-Chapelle, le musée de Stuttgart, le Sénat à Paris, des collections à New-York, Moscou et Hong-Kong.

Drusenheim lui a consacré, de son vivant, le musée PASO, qui expose, selon une rotation régulière, les 700 œuvres dont il a fait don en 2012. La République française l'a nommé chevalier des Arts et Lettres. L'exposition à Schifflange constitue un symbole fort, autour de la création artistique et de la puissance de l'Esprit, des liens du jumelage.

Cyrille SCHOTT
Préfet honoraire de la République française

L'exposition «PASO PEINTURES – PÉRIODE DE 1988 À 2018» sera accessible au public du vendredi, 25 janvier au dimanche, 24 février 2019; tous les jours de 15h00 à 18h00.



ZU FOUSS AN D'SCHOUL

Zanter Jore mécht d'Gemeng Schëffleng grouss Efforte fir manner CO2 a manner Offall ze produzéieren. Fir dass di gesaten Zieler kënnen erreecht ginn muss jidderee mathëllefen an et muss un engem Strang gezu ginn. Dofir hat eis lokal Ëmweltkommissioun zesumme mam Léierpersonal Ufanks Schouljoer e Concours lancéiert andeems et gaangen ass esouvill Kilometeren ewéi méiglech zu Fouss ze maachen an den Auto mueres doheem stoen ze loossen.

De Succès vun dëser Aktioun war enorm. Ganzer 25.000 Kilometer hunn eis Schoulkanner aus den dräi



Grondschoulen während dem Mount Oktober zu Fouss gemaach. E grouse BRAVO un all eis Schoulkanner di sech un dëser Aktioun bedeelegt hunn.

Duerch des flott Aktioun eleng konnten eng 4 Tonnen CO2 agespuert ginn an de Chaos virun de Schoulen staark reduzéiert ginn. Dofir vun dëser Plaz och e grouse MERCI un d'Elteren, déi op des Manéier eis Kanner motivéieren an ënnerstëtzen fir méi ëmweltbewosst ze liewen.

Natierlech soll esou en Effort och belount ginn. Den 20.12. hat de Schäfferot op eng kleng Feier agelueden an hei sin all Kéier sechs Kanner vun all Cycle mat jeeweils engem Akafs bong vun 25 € beschenkt ginn.



40 JOER ASPELS

Ugefaangen huet alles den 18. Mee 1979. Ënnert dem Numm «Amicale sportive du Personnel Enseignant Schifflange» (ASPES) haten sech 14 Schoulmeeschteren an Jofferen aus den deemools just zwee Schëfflenger Schoulgebaier zesummegedoen fir gemeinsam während hirer Fräizäit Sport ze maachen.

Lues a lues ass de Club gewuess an et sinn och ëmmer méi «Privatleit» op de Goût komm fir Sport ze maachen. De Gros vun den Memberen vun der ASPES huet net méi nëmmen aus dem Léierpersonal bestanen mee aus all méigleche Berufsgruppen: Hausfraen, Aarbechter, Beamten a Rentner. Dofir ass an enger ausseruerdentlecher Generalversammlung vum 6. Dezember 1988 beschloss ginn d'ASPES ëmzebennnen an domat ass di haiteg beschtbekannt „ASPELS“ (Association Sports et Loisirs Schifflange) an d'Liewe geruff ginn.

Elo 40 Joer méi spët zielt d'ASPELS eng 345 Memberen a bitt 4 verschidden Kuren un: Aerobic, Réckentraining, Aquagym an Nordic Walking.

Fir hiren 40sten Gebuertsdag ze feieren, hat de Schäfferot den 21. Januar 2019 op eng kleng Receptioun invitéiert, wou de Buergermeeschter Paul Weimerskirch nach eng Kéier op di laangjäreg Geschicht vun der ASPES/ASPELS agaangen ass.



VILL SPAASS AM SCHNÉI

Wéi gewinnt fueren eis Schoulklasse vum Cycle 4.1 ufangs Januar eng Woch an de Schnéi.

Während dëser Woch kënnen d'Kanner sech, awer och d'Léierpersonal op eng aner Manéier kenne léieren a bei Sport a Spaass an hoffentlech vill Schnéi eng flott Woch zesumme verbréngen.



Dëst Joer sinn 86 Kanner aus 6 Schoulklassen op Praz-sur-Arly/Frankräich gefuer. Di éischt dräi Klassen hunn sech vum 11. bis den 18. Januar op de Wee gemaach an di aner sinn de 25. Januar mueres fréi fortgefuer.

Wéi dir op de Biller kënnt gesinn, huet et net un der Motivatioun gefeelt fir Skifueren kënnen ze léieren an de Faktor Spaass ass grouss geschriwwen ginn.

D'SCHÉFFLENGER MUSEK KRITT EEN NEIEN KAPP

No 25 aktive Joren als Dirigent vun der Schëfflenger Musek huet de Claus Demmer nei Projeten uviséiert.

Mir soen him ee grouse Merci fir all déi Zäit wou hie mat musikalescher Hand de Veräin gefouert huet. Mam Claus Demmer hat d'Schëfflenger Musek een Dirigent, dee mat Häerz a Séil den Orchester geleet huet, flott Concerte presentéiert huet an och fir d'Gemeng ëmmer present war.



Den Eric Gherardi iwwerhëlt zënter September 2018 déi aktiv Musikanten. Am Dezember war dem Eric Gherardi säin éischten offizielle Concert, wou och de Claus Demmer verabschied ginn ass.

Ee grouse Merci dem Claus Demmer an dem Eric Gherardi, all Guddes fir déi kommend Joren.



GESOND IESSEN – MÉI BEWEEGEN

Ënnert dësem Motto stoung eng ganz interessant Matinée am Club Haus beim Kiosk.

All Joer gëtt an eise Schoulen eng Gesondheetswoch organiséiert. Während engem Moien organiséiert d'Schoulpersonal zesumme mat eiser Schoulinfirmière Christiane Zacharias-Hansen e gesond Moiesiessen. Op eng flott Manéier kréien d'Kanner gewise wéi a virun allem wat si moies sollen iessen fir fit an den Dag ze starten.

Awer net nëmmen di Jonk sollen duerch eng gesond Ernährung fit bleiwen - mee och déi manner Jonk kënnen

mat e puer einfachen Tricken méi gesond iessen an a Kombinatioun mat Beweegung esouguer eng ganz Rei vu Krankheeten opschuppen oder esouguer ganz verhënnern.

E Freiden, den 11. Januar hat d'Christiane Zacharias-Hansen den Interesséierten fir d'éischt eng kleng theoretesch Aféierung mat all den néidegen Erklärungen ginn éier zesummen de Kaffisdësch preparéiert ginn ass.

Duerno hunn si sech an enger gemittelter Ronn de „Kaffi“ gutt schmaache gelooss.

SCHÉFFLENG VERÄNNERT SECH, SCHÉFFLENG VERGRÉISST SECH, SCHÉFFLENG GËTT MULTIKULTURELL!

De Schäfferot huet den 11000. Bierger konnte begrëssen.

Den Här Panday Min, seng Madame Bhattarai Asmita an hire Fils Asmin sinn de 5. Dezember 2018 vum Buergermeeschter Paul Weimerskirch geéiert ginn.

Dei nepalesesch Famill ass de 16.10.2018 op Schëffleng geplënnert an si hu mat grousser Freed d'Éierung entgéint geholl.



GEMENG SCHÉFFLENG – CENTRE DE PROMESSES

D'Preparatiounen vum Télévie lafen op vollen Touren, d'Veräiner an d'Associatiounen sinn am gaangen Eventer z'organisieren fir Suen ze sammelen fir d'Kriibsfuerschung zu Lëtzebuerg z'ënnerstëtzen.

Op eisem Site www.schiffange.lu informéieren mir Iech reegelméisseg, wat hei zu Schéffleng leeft an mir invitéieren all d'Leit ganz haerzlech fir un deenen Evenementer deelzehuelen.

De 26. a 27. Abrëll stinn deemno ganz am Zeeche vum Télévie. Op der Gemengeplaz gëtt ee grousst Zelt opgeriicht, wou verschidden Evenementer stattfannen, d'Veräiner maachen Presentatiounen an och jonk an dynamesch Museksgruppen spillen Freidesowes an och am laf vum Samschden.

Verschidden kulinarisch Spezialitéiten ginn Samsdes ugebueden.

Mir schaffe fläisseg um Programm an un den Aktivitéiten, déi deen Dag ugebuede ginn.

De fäerdege Programm fann Dir am Laf vum Abrëll an Ärer Breifkëscht!

SAVE THE DATE:

26. a 27. Abrëll 2019 virun der Gemeng - Sidd derbäi!

DE COMITÉ VUM TÉLÉVIE INVITÉIERT ALL BIERGER GANZ HÄERZLECH OP FOLGEND EVENEMENTER:

07.03.2019 (Donneschden)

Auditioun vun de Schüler aus dem Conservatoire vun Esch-sur-Alzette an der Salle Grand-Duc Jean um 18.00 Auer.

Kommt a lauschtet déi jonk Talenter déi hei optrieden.

08.03.2019 (Freiden)

D'Seniorekommissioun vun der Gemeng Schéffleng invitéiert op ee flotten Thé dansant am Club Haus beim Kiosk. Den Orchester vum Jeannot Conter suert fir di beschte Stëmmung et geet vun 15.00 Auer bis 18.00 Auer. Den Erléis geet un den Télévie.

29.03.2019 (Freiden)

D'Jugendkommissioun organiséiert een Gala Dîner mat de bekannte Käch Jan Schneidewind a Guy Kohnen. Si presentéieren ee 4-Gang Menü (75.- €). All déi déi sech dësse kulinarischen Owend net wëllen entgoen loossen kennen sech iwwert d'Telefonnummer 54 50 61 315 (l. Huber, während de Bürosstonnen) umellen. De Gala Dîner gëtt vun enger flotter Animatioun encadréiert.



INVITATIOUN

De Comité vum Télévie huet déi grouss Freed Iech op zwee interessant a spannend Owender z'invitéieren!

Concert mam DAVID IANNI

De Pianist a Compositeur David Ianni schreift extra ee Stéck fir de Centre de Promesses Télévie vu Schéffleng. Als Schéfflenger wëllt hien heimadder senger aler Hee-

mecht gedenken, awer och d'Kriibsfuerschung ënnerstëtzen.

D'Première vun dësem Stéck gëtt **Sonndes den 3. Mäerz ëm 17.00 Auer** an der Salle Grand-Duc Jean vun der Gemeng Schéffleng opgefouert.

Den Entrée ass **12.- €** fir déi Erwuessen a **7.- €** fir Schüler a Studenten, déi integral un den Télévie ginn.

Informationsversammlung mat der DR. SIMONE NICLOU

Sensibiliséierungs- an Informationskonferenz zum Thema „Kriibsfuerschung“ mat der **Dr. Simone Niclou**. Si fuerscht um „Luxembourg Institute of Health“ virun allem, wat Tumeurs cérébrales ugeet, an erklärt wat et elo mat deenen neien Entwécklungen op sech huet.

D'Konferenz ass Mëttwochs de **6. Mäerz ëm 19.00 Auer** an der Salle Grand-Duc Jean vun der Gemeng.

Den Entrée ass fräi!



E NEIE FLITZI FIR EIS SCHOULKANNER

An noer Zukunft muss eisen aktuelle Schoulbus (Flitzi) ersat ginn. Well dëse neie Bus fir eis Kanner ass, sollen d'Kanner och kenne matbestëmmen wéi hire Bus soll ausginn. Dofir hat d'Gemeng e Molconcours lancéiert an eng 800 Kanner hunn hirer Fantasie freie laf gelooss andeems si hir Iddien op d'Blat bruet hunn. Vill flott a faarweg Biller sinn vum Léierpersonal gesammelt ginn an et war net liicht déi Bescht erauszesichen.

Nodeems an deenen dräi Schoulen schonn eng éischt Selektioun gemaach ginn ass, huet de Schäfferot ënnert deene verbliwvenen en „tirage au sort“ gemaach.

Glécklech Gewënnerin ass d'Iris Soares Figueiredo aus der Klass vun der Mme Nancy Keller (Albert Wingert-Schoul) ginn.

Di zweet Plaz ass un de José Santos Carvalheiro aus der Klass vun der Madame Nicole Kemp (Nelly Stein-Schoul) gaangen an di drëtste Plaz ass un d'Annisa Olivieri aus der Klass vum Här Steve Theodor (Lydie Schmit-Schoul) gaangen.



Iris Soares Figueiredo



Denk un deng NIGHT CARD SUD, wann de op den Tour gees !

Differdange
Dudelange
Esch-sur-Alzette
Mondercange
Pétange
Rumelange
Sanem
Schifflange

Confort | Sécherheet | Gesellegkeet

Du wunns am Süden ? Du geess gär de Weekend op den Tour ? Dann zéck net a géi der op deng Gemeng deng Night Card Sud sichen.

D'Night Card Sud ass eng M-Kaart proposéiert vun de Pro-Sud Gemengen fir gratis de NightRider Service ze notzen.



www.prosud.lu - rubrique Mobilité | Night Card Sud



Pour sortir le weekend, pense à prendre ta NIGHT CARD SUD !

Differdange
Dudelange
Esch-sur-Alzette
Mondercange
Pétange
Rumelange
Sanem
Schifflange

Confort | Sécurité | Convivialité

Tu habites le Sud ? Tu aimes sortir le weekend ? Alors, n'hésite pas à te rendre dans ta commune pour obtenir ta NIGHT CARD SUD.

Il s'agit d'un titre de transport qui te permettra d'utiliser gratuitement le service Night Rider.



www.prosud.lu - rubrique Mobilité | Night Card Sud

YOUTH MAG



GEMENG
SCHËFFLENG

Dës véier Säiten erausrappen. Déi sinn fir Är Kanner an déi Jugendlecher.



Den Service National de la Jeunesse organiséiert
flott Kolonien wou een vill nei Frënn kann kenne léieren an och vill kann beiléieren.

OUSCHTERKOLONIE 1 | DIMANCHE, 7 AVRIL 2019 - SAMEDI, 13 AVRIL 2019

Lieu: HOLLENFELS
Âge: 10 – 14
Participants: 0 – 40
Prix: 211 €

D'Ouschtervakanz eemol anescht? 7 Deeg laang Spill an Action mat villen neie Frënn a Kollegen! Mat villfältigen Aktivitéite wäerts du viles erliewen op der Ouschterkolonie! Also zéck net a mell dech elo schnell un!

Umellen iwwert: <http://agenda.snj.lu/node/add/inscription/10576?destination=node/10576>

OUSCHTERKOLONIE 2 | LUNDI, 15 AVRIL 2019 - SAMEDI, 20 AVRIL 2019

Lieu: HOLLENFELS
Âge: 7 – 10
Participants: 0 – 40
Prix: 206 €

Wolls du schonn ëmmer eemol op eng riseg Ouschtereeërsich? Deng Ouschtervakanz eng Kéier esou ganz anescht verbréngen? Dann bass du bei eis zu Huelmes am Schlass genau richtig! Hei erwaarden dech 6 Deeg voller verschid-dener Aktivitéiten, Atelier a Spiller! Wanns du also Loscht hues op eng Woch Abenteuer, Spaass an Iwwerraschungen, dann mell dech un fir d'Ouschterkolonie II an verbréng mat eis eng onvergesslech Zäit!

Umellen iwwert: <http://agenda.snj.lu/node/add/inscription/10578?destination=node/10578>



MIR FREEËN EIS OCH DËST JOER ENG REI VUN
FLOTTEN PROJET'EN UBIDDEN ZE KËNNEN:

Während der Fuesvakanz fuere mir an Éisträich wou de Snowboard am Mëttelpunkt steet, doniewent ass Wandern an Indoorbouldern niewent villen aneren Erlebnisser um Programm.

SNOWPROJET 2019 | 16.-23. FEBRUAR

Participatioun: 200 €

An der Fuesvakanz fuere mer erëm an d'Bierger an Éisträich a verbesseren do eis Techniken am Schnéi.

Mer maache vill Aktivitéit dobaussen, wéi zum Beispill:

- Snowboard fueren (vum Ufänger bis Profi)
- Kloteren
- Trëppeltouren/Schnéisichongwanderung
- Dag an enger Stad

Max. 6 Teilnehmer.
Mer hunn nach 2 Plaze fräi.

Virum Projet fannen verschidden obligatoresch Trainings-deeg statt.

Weider Infoen iwwert déi obligatoresch Trainingsdeeg an den Inhalt vum Projet kriss du am Jugendhaus, op www.schefflenger-jugendhaus.lu oder direkt beim Janine Smith: jsmith@youth.lu.



FIELSKLOTERPROJET 2019 25.05-01.06.19

Mir fueren an de Süden, a schaffen un eiser Kloter Technik, hei bidden sech vill Méiglechkeeten fir um Zukunftsdiplom ze schaffen.

Participatioun: 150 €

Umellen bis den 07.05.19

Weider Infoen an Umellen iwwert:
Jacques.Welter@youth.lu oder um 691250105



TRAVERSÉE VUN LËTZEBUERG

mam Mountainbike den 8.-10. JUNI
vun Elwen op Schëffleng vun Nord no Süd

Maximal 10 Leit kënnen matmaachen, Jongen a Meedercher,
de Mindestalter ass 12 Joer.

Eng duerschnëttlech Fitness ass erfuerderlech.
Et kënnen Mountainbiken zur Verfügung gestallt ginn.

Umellen bis de 15.05.19

Weider Infoen op der homepage: www.schefflenger-jugendhaus.lu



" D'Liewen ass wéi en Vëlo, et muss een sech no vir bewegen fir d'Gläichgewiicht net ze verléieren "

Albert Einstein



CARTE JEUNES EUROPÉENNE

La Carte Jeunes Européenne, qui est destinée à tout jeune entre 12 et 30 ans, offre à son détenteur une multitude d'avantages et des prestations dans plus de 40 pays en Europe. De multiples réductions sont proposées dans les

domaines de la culture, des loisirs, de l'information, de la mobilité et de la vie de tous les jours.

La Carte Jeunes Européenne coûte 10 € et est valable 1 an à partir du mois de son acquisition. Elle peut être obtenue auprès du Centre Information Jeunes à Luxembourg, qui est ouvert du lundi au vendredi de 13h à 17h. Il est également possible de commander la Carte Jeunes via le site www.cartejeunes.lu, en remplissant le formulaire qui se trouve sous la rubrique «Commande».

Toutes questions supplémentaires peuvent être adressées à: info@cartejeunes.lu

JOBS VACANCES | VAKANZENJOBS

Comme chaque année, notre Commune se propose d'engager des jeunes habitants de Schifflange pour occuper un poste d'étudiant à l'Atelier Communal pendant la période des grandes vacances d'été.

Les 60 postes offerts sont répartis sur les 3 périodes suivantes, avec un maximum de 20 étudiants par période:

PÉRIODE 1: 15 juillet 2019 – 02 août 2019

PÉRIODE 2: 05 août 2019 – 23 août 2019

PÉRIODE 3: 26 août 2019 – 13 septembre 2019

Vous êtes tenté(e)s, âgé(e)s de 15 ans au moins et intéressé(e)s de faire vos premières expériences dans le monde du travail, veuillez présenter votre demande en bonne et due forme à l'adresse suivante, ceci **au plus tard pour le 31 mars 2019:**

Administration Communale de Schifflange
Collège des Bourgmestre et Echevins
B.P. 11
L-3801 Schifflange

Les conditions:

Vous trouvez le formulaire d'inscription sous www.schifflange.lu sous la rubrique: documents – emploi et formation.

INFO

Le **CENTRE DE RECYCLAGE À SCHIFFLANGE** recrute également des élèves / étudiants pendant les vacances scolaires d'été. **Dernier délai d'inscription est le 11 mars 2019!**

<http://www.sivec.lu/wp-content/uploads/2019/01/Demande-etudiant-20191.pdf>



APPEL AUX CITOYENS

Avec l'accroissement permanent des documents à traiter, il devient de plus en plus important d'assurer un archivage communal performant et notamment orienté vers l'archivage digital. Afin d'organiser l'inventaire de l'archivage actuel et futur et d'élaborer une stratégie d'archivage fiable, une **Commission d'archivage** a été constituée.

Elle se composera comme suit:

- 1 représentant du Collège échevinal
- 1 représentant du photo club
- 1 représentant de l'AMCIS

- 1 représentant de l'association «de Schmelzaarbechter»
- 1 journaliste
- 1 historien
- 1 secrétaire à désigner parmi le personnel communal
- **2 personnes de la société civile**
Les 2 postes de la société civile étant toujours vacants, chaque citoyen schifflangeois pourra se manifester afin de siéger au sein de cette commission. Il suffit de remplir le coupon-réponse ci-dessous:

COUPON-RÉPONSE

COMMISSION D'ARCHIVAGE

(SI VOUS ÊTES INTÉRESSÉ(E)S, VEUILLEZ REMPLIR ET RETOURNER LE COUPON-RÉPONSE
CI-JOINT AU COLLÈGE ÉCHEVINAL JUSQU'AU 28 FÉVRIER 2019, AU PLUS TARD.)

AU COLLÈGE ÉCHEVINAL
B.P. 11
L-3801 SCHIFFLANGE

Par la présente, je soussigné(e) _____

né(e) le _____ à _____ de nationalité _____

et demeurant à Schifflange _____
(code postal, localité, rue, n°)

pose ma candidature pour le poste de la société civile
au sein de la Commission d'archivage.

(signature)



APPEL AUX CITOYENS

Appel pour deux nouveaux membres pour la **Commission des jeunes**.


La Commission des jeunes a pour mission de représenter les intérêts des jeunes qui vivent à Schiffange. Sa mission consiste dans la transmission des opinions et idées des jeunes au Collège échevinal.

Deux postes se sont libérés dans la Commission des jeunes et les personnes qui ont intérêt à collaborer pour l'intérêt des jeunes au sein de cette commission sont priées de poser leur candidature en utilisant le coupon-réponse ci-dessous.

COUPON-RÉPONSE COMMISSION DES JEUNES

(SI VOUS ÊTES INTÉRESSÉ(E), VEUILLEZ REMPLIR ET RETOURNER LE COUPON-RÉPONSE CI-JOINT AU COLLÈGE ÉCHEVINAL JUSQU'AU 28 FÉVRIER 2019, AU PLUS TARD.)

AU COLLÈGE ÉCHEVINAL
B.P. 11
L-3801 SCHIFFLANGE



Par la présente, je soussigné(e) _____

né(e) le _____ à _____ de nationalité _____

et demeurant à Schiffange _____
(code postal, localité, rue, n°)

pose ma candidature pour le poste au sein de la Commission des jeunes.

(signature)



JE PEUX VOTER! ICH KANN WÄHLEN! POSSO VOTAR!

Le Parlement européen compte 751 députés, dont 6 luxembourgeois. Les parlementaires représentent 512 millions de personnes dans les 28 Etats membres.

Nous vous invitons à participer aux élections européennes du 26 mai 2019 et à élire directement vos représentants. Ils défendront vos intérêts pour les 5 ans à venir.

Je m'inscris jusqu'au 28.02.2019 à 17.00 hrs

jepeuxvoter.lu

Das Europäische Parlament zählt 751 Mitglieder- darunter 6 Luxemburger. Die Parlamentarier vertreten die 512 Millionen Menschen in den 28 Mitgliedstaaten.

Wählen Sie am 26. Mai 2019 direkt Ihre Vetreter, die in den nächsten fünf Jahren Ihre Interessen verteidigen.

